N°4070
Entrée le 03.07.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 4070 vum 7. Mee 2026 vum honorabelen Deputéierten Här Marc Goergen.**

*1. Kann d'Ministesch eng detailléiert Opdeelung vun dësen 58.821 Coassuréen no de verschiddene Kategorien (Studenten, Persoune mat enger Hannerbliwwenenpensioun, Persounen ënnert temporärer Protektioun, etc.)?*

Vun den 58.821 Persounen déi um 31.12.2025 als Coassuré krankeveréchert waren (assurance maladie-maternité luxembourgeoise (CNS, CMFEP, CMFEC an EMCFL)) a nach ni enger Aarbecht nogaange sinn, hunn der antëschent 949 den Aarbechtsmarché integréiert.

Persoune mat enger Hannerbliwwenenpensioun a Persounen ënnert temporärer Protektioun sinn obligatoresch veréchert a falen ënnert den Artikel 1, Paragraph 8 respektiv den Artikel 1, Paragraph 22 vum Code vun der sozialer Sécherheet (CSS).

Déi 57.872 Persounen déi bleiwen deelen sech follgendermoossen op:

**Tabell 1**

| **Zivilstand** | **Total** |
|---|---:|
| bestuet oder gepacst | 20.726 |
| celibataire | 36.710 |
| gescheet oder getrennt | 141 |
| Wittfra oder Wittmann | 20 |
| onbestëmmt | 275 |
| **Total** | **57.872** |

Kanner kënnen nom Artikel 7 vum CSS nach bis 29 Joer abegraff als Coassuré veréchert sinn, soulaang se follgend Conditiounen erfëllen:

- Si mussen, ausser als Student, nach am Ménage vun hirem Assuré wunnen.
- Si dierfen net méi verdénge wéi dee Montant deen am Artikel 5 vum modifizéierte Gesetz vum 28. Juli 2018 iwwert de “Revenu d’inclusion sociale” fir eng Persoun virgesinn ass.
- Si dierfen net perséinlech affiliéiert sinn.

Vun 30 Joer u kann d’Gesondheetskeess (CNS) eng Verlängerung fir Studenten accordéieren.

D'*"Allocation familiale"* kann nom Artikel 271, Paragraph 2 vum CSS nach bis 25 Joer abegraff bezuelt ginn, wann d'Kanner nach:

- Am Secondaire sinn.
- An engem "institut spécialisé de formation" oder "centre de compétence en psycho-pédagogie spécialisée" sinn.
- En Apprentissage no den Dispositounen vum Artikel. L. 111-1 vum Code du travail suivéieren a manner wéi de Mindestloun verdéngen.

Kuckt ee wéi eng Kanner eng "Allocation familiale" am Dezember 2025 bezéien a kräizt een den Alter mam Zivilstand a geet een dovun aus, datt Schüler a Studente gréisstendeels net bestuet oder gepacst sinn, kënnt een op en Total vu 36.083 Persoune vun deenen de Gros da Schüler (9.591) oder Studente (26.492) sinn (Tabell 2).

**Tabell 2**

| Alter | bestuet oder gepacst | celibataire | anerer[1] | Total | dovun Bénéficiairen allocation familiale |
|---|---|---|---|---|---|
| 18-25 | 523 | 32.820 | 143 | 33.486 | 9.591 |
| 26-29 | 1.082 | 3.263 | 34 | 4.379 | 0 |
| Sous-total | 1.605 | **36.083** | 177 | 37.865 | **9.591** |
| 30-34 | 2.123 | 213 | 7 | 2.343 | 0 |
| 35-39 | 2.700 | 115 | 12 | 2.827 | 0 |
| 40-44 | 2.765 | 95 | 24 | 2.884 | 0 |
| 45-49 | 2.385 | 54 | 35 | 2.474 | 0 |
| 50-44 | 2.360 | 49 | 28 | 2.437 | 0 |
| 55-59 | 2.169 | 33 | 35 | 2.237 | 0 |
| 60-64 | 1.891 | 24 | 34 | 1.949 | 0 |
| 65-69 | 982 | 14 | 28 | 1.024 | 0 |
| 70-74 | 670 | 10 | 24 | 704 | 0 |
| 75-79 | 531 | 9 | 14 | 554 | 0 |
| >= 80 | 545 | 11 | 18 | 574 | 0 |
| Total | 20.726 | 36.710 | 436 | 57.872 | 9.591 |

[1] Aus Dateschutzgrënn sinn d'Kategorien « gescheet oder getrennt », « Wittfra oder Wittmann », « onbestëmmt » ënnert « anerer » zesummegefaasst.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

*2. Kann d'Madamm Ministesch uginn, wéi vill vun dëse Persounen d'lëtzebuergesch Nationalitéit hunn, Bierger vun engem EU-Memberstaat sinn, oder aus engem Drëttstaat kommen?*

Vun de 57.872 Coassuréën hunn der 23.418 di Lëtzebuerger Nationalitéit, 20.607 si Bierger aus engem EU-Memberstaat an 13.847 kommen aus engem Drëttstaat. Et sinn awer och 22.287 Persounen déi net zu Lëtzebuerg wunnen (Tabell 3).

**Tabell 3**

| **Nationalitéit** | **Residenz** | | |
|---|---|---|---|
| | **Lëtzebuerg** | **Net Lëtzebuerg** | **Total** |
| Lëtzebuerger | 21.551 | 1.867 | 23.418 |
| EU Bierger | 6.429 | 14.178 | 20.607 |
| Drëttstaat | 7.605 | 6.242 | 13.847 |
| **Total** | **35.585** | **22.287** | **57.872** |

Wéi schonns an der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°3894 präziséiert, versteet een ënnert *"Aarbecht nogaange"*, eng Aktivitéit, ugestallt oder selbststänneg, zu Lëtzebuerg fir déi ee beim Centre commun de la sécurité sociale (CCSS) muss ugemellt sinn. Frontalieren oder Immigranten, kënnen duerchaus schonn eng berufflech Carrière am Ausland gehat hunn.

*3. Huet d'Regierung Zuelen dozou, wéi laang dës Persounen am Duerchschnëtt als Coassuré verséchert sinn, ouni jeemools enger Aarbecht oder selbststänneger Aktivitéit nogaangen ze sinn?*

D'Längt vun der Coassurance ass fir déi Leit am Duerchschnëtt 15,2 Joer.

Fir Coassuréën déi hei zu Lëtzebuerg vu Gebuert un opgewuess sinn, ass d'Dauer vun der Coassurance gläich dem Alter. Fir vill Leit gëtt et leider keng korrekt "date début de coassurance", well zu deem Zäitpunkt wou hir Coassurance ugefaangen huet dat informatesch nach net erfaasst gouf. Dowéinst ass den Duerchschnëtt ze niddreg.

Dësen Duerchschnëtt gëtt nach eng Kéier no ënne gedréckt, well ënnert de Coassuréën déi ni enger Aarbecht oder selbststänneger Aktivitéit nogaangen sinn, och vill Immigranten oder Frontaliere sinn, déi méi eng kuerz Zäit am Land sinn.

Lëtzebuerg, den 3. Juli 2026

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez